N°7251
Entrée le 29.11.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

D'Regierungspartei vum Här Mobilitéitsminister huet a Social Media Posten ugekënnegt, dass d'Linnen 179, 170, 174, 146 an 153 ab dem 28ten November géife mat erhéichter Frequenz fueren. Mengen Informatiounen no, sinn awer haut op mannst op verschiddene Linnen, net vu méi Busse gefuer. De Bus n°170 ass haut, laut Mobilitéitsapp, innerhalb vun de Spëtzestonnen all 30 Minutte gefuer an ausserhalb vun dësen nëmmen eemol d'Stonn. Ugekënnegt waren awer all 15 Minutten ee Bus an de Spëtzestonnen, an all 30 Minutten ausserhalb vun dësen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Sinn d'Linnen 179, 170, 174, 146 an 153 ab dem 28ten November an enger verstäerkter Frequenz gefuer?
   - Wa jo, wéi eng Linnen?
   - Wa nee, firwat net?

2. Ab wéini sollen déi an dem Social Media Post ugekënnegt Ännerunge kommen (opgeléscht no Linn)?
   *(Linn 179 (+170) Cliärref-Ettelbréck: Tëscht Maarnech an Ettelbréck gëtt den 30-Minutten Takt an de Spètzestonnen op e 15-Minutten Takt erhéicht.*
   *Linn 174 Elwen-Hengescht-Ettelbréck: Zousätzlech Busser méi fréi a méi spéit, an de Spètzestonnen elo och bis op Ettelbréck.*
   *Linn 146 Wooltz-Géisdref-Kautebaach: Elo besser op d'Zich zu Kautebaach ofgestëmmt a méi Bus-Kapazitéit.*
   *Linn 153 Housen-Holztem-Kautebaach: D'Horaire ginn un den Zuch gepasst.*
   *Schülertransport: Besser Verbindungen an eng nei Buslinn aus dem Raum Wooltz an d'Akerbauschoul. Quell: Facebook DG Norden*)

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten